LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4545 vum 28. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet « Questions des conseillers municipaux ».**

1. **Kënnen d'Gemengereglementer eng Aschränkung iwwert d'Unzuel u Froe virgesinn? Falls jo, wéi bewäert de Minister d'Kompatibilitéit vun esou Limitte mam Artikel 25 vum Gemengegesetz?**

Den Artikel 25 vum ëmgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gesäit vir dat d'Membere vum Gemengerot d'Recht hunn, dem Schäfferot Froen ze stellen, déi sech op d'Verwaltung vun der Gemeng bezéien. Dës Froe ginn entweder bannent engem Mount schrëftlech beäntwert oder mëndlech an der éischt méiglecher Sëtzung vum Gemengerot.

D'Membere vum Gemengerot hunn also grondsätzlech d'Recht Froen ze stellen. D'Ausübe vun dem Recht ka vun dem Reglement d'ordre interne (ROI) vum Gemengerot gereegelt ginn, ouni datt doduerch d'Rechter vun de Membere vum Gemengerot op eng deraisonnabel Manéier ageschränkt kenne ginn.

D'Fro ob esou eng Aschränkung am ROI iwwert d'Unzuel vu Froe vereinbar ass mam Artikel 25 vum Gemengegesetz, hänkt esou wuel vun der konkreter Formuléierung vun esou enger Dispositioun, souwéi vum Zil, dat domat verfollegt gëtt, of. Fir kompatibel mam Artikel 25 vum Gemengegesetz ze sinn, muss esou eng méiglech Aschränkung verhältnisméisseg sinn.

2. **Huet de Ministère eng Iwwersiicht, wéi eng Gemengen an hirem Règlement d'ordre intérieur eng quantitativ Limitt fir schrëftlech Froen, zum Beispill pro Mount, pro Sitzung oder pro Conseiller, virgesinn hunn? Falls jo, kann de Minister dës Gemengen an déi jeeweileg Limitten oplëschten?**

Den Inneministère féiert keng Statistiken iwwert eenzel Dispositioun déi am ROI vun deene jeeweilege Gemengeréit zréckbehale goufen.

Lëtzebuerg, de 26. August 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN